CSV
FRAKTIOUN

Här Fernand Etgen

President vun der Deputéiertechamber

Lëtzebuerg, den 06 Dezember 2019

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
06 DEC. 2019
1583

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, des parlamentaresch Fro un den Här Bildungsminister weider ze leeden.

Mat der Aféierung vun den internationalen Schoulen sinn och international Préscolaire, primär an Secondaire Schoulstrukturen geschaaften gi. Well des Schoulen hier eegen Direktioun hunn, ennerstinn se kenger Regionaldirektioun. Wann een Kand an enger net-internationaler Schoul als EBS (enfant à besoin spécifique) diagnostizéiert gëtt huet all Regionaldirektioun hier eegen EBS Equipe fir d' Kand ze encadréieren.

Op Grond vun desen Informatiounen, well ech folgend Froen stellen:

- Wéi gi Kanner mat speziellem Besoine an internationale Schoule encadréiert?
- Besteet an deem Kontext eng Kooperatioun teschend den internationale Schoulen, de regionalen Direktiounen an dem centre de compétence?
- Wei verleeft iwwerhaapt den Rekrutement vun den nei geschaaften EBS Equippen déi an all Lycée agefouert gi sinn?
- Goufen och Educateurs graduées -Plaatzen besat?
- Wei vill Educateuren sinn als Quereinsteiger an de Schoulen agestallt gi?

Mat déiwem Respekt,

Paul Galles
Deputeierten

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

Luxembourg, le 15 janvier 2020

Monsieur le Président de la Chambre
des Députés

19, rue du Marché-aux-Herbes
L-1728 Luxembourg

**Réponse de Monsieur le Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse à la question parlementaire n° 1583 de Monsieur le Député Paul Galles**

*Wéi gi Kanner mat spezielle Besoinen an internationale Schoulen encadréiert?*

*Besteet an deem Kontext eng Kooperatioun tëscht den internationale Schoulen, de regionalen Direktiounen an de Centres de Compétences?*

Zu Lëtzebuerg ginn et am Moment 4 international ëffentlech Schoulen. D'International School Junglinster, d'Ecole internationale Edward Steichen Clervaux an d'Ecole internationale de Mondorf-les-Bains si gegrënnt ginn am Kader vun de Lycéeë vu Jonglënster, Clierf a Munneref. D'Ecole internationale de Differdange et d'Esch-sur-Alzette ass organiséiert an enker Analogie zu engem Lycée. Alle 4 international Schoulen applizéieren de Programm vun den europäesche Schoulen a sinn an deem Sënn och agreéiert. Si musse Schüler ophuelen, déi am Grondschoulalter an am Lycéesalter sinn. Dat ass am Ament iwwerall de Fall ausser zu Clierf, wou fir de Fondamental d'Gebai nach fäerdeg gebaut muss ginn.

Schüler mat spezifesche Besoinen, déi an enger internationaler Schoul ageschriwwe sinn, ginn op déi selwecht Manéier ënnerstëtzt wéi all aner Schüler, déi an engem Lycée an d'Schoul ginn. Dëst geschitt prioritär an der Schoul selwer. D'Inclusiounskommissioun vum Lycée begleet d'Betreiung vun de Schüler mat spezifesche Besoinen a recommandéiert Ënnerstëtzungsmoossnamen, déi der Situatioun ugepasst sinn. D'Equipe fir d'Ënnerstëtzung vu Schüler mat spezifesche Besoinen (ESEB) vum Lycée setzt déi Moossnamen ëm, beréit d'Enseignanten an assuréiert eng ambulant Betreiung. An de Lycéeën an deenen et nach keng ESEB gëtt, iwwerhuelen de SePAS (Service psycho-social et d'accompagnement scolaires) an den SSE (Service socio-éducatif) dës Missioun. Eng Kooperatioun mat de regionalen Direktioune vun der Grondschoul brauch et an deem Kader dofir net.

D'Kompetenzzentren intervenéieren an den internationale Schoule genee esou wéi an allen ëffentleche Grondschoulen a Lycéeën. Si schaffen och an dësem Fall subsidiär, d. h. si ginn eréischt aktiv, wann si gefrot ginn. D'Kompetenzzentre bidden z. B. eng fachlech Berodung oder eng spezialiséiert Diagnos un. Si kënnen eng ambulant Betreiung vu Schüler mat spezifesche Besoinen ubidden. Schüler kënnen och eng spezialiséiert Klass an engem Kompetenzzentrum besichen, entweder Vollzäit oder komplementar zu de Stonnen an enger regulärer Klass.

*Wei verleeft iwwerhaapt de Rekrutement vun den nei geschaaften EBS Equippen, déi an all Lycée agefouert gi sinn?*

Zanter der Rentrée 2019 kruten elo déi éischt 13 Lycéeë Verstäerkung am Beräich vun der Inclusioun. De Choix vun de Lycéeën huet sech no den Demandë vun enger Begleedung an der scho bestoender Prise en charge vu Kanner mat spezifesche Besoine geriicht. 2019 sinn insgesamt 35 Posten ausgeschriwwe ginn, dorënner Experten a Spezialisten am Beräich vun de Sciences humaines.

Fir de Prozess ze vereinfachen, ass de Rekrutement zum gréissten Deel iwwert de Service de la scolarisation des élèves à besoins spécifiques (S-EBS) vum MENJE gesteiert ginn. Dobäi sinn an all Fall d'Preferenze vun de Kandidate fir bestëmmte Lycéeë berücksichtegt ginn.

*Goufen och Educateurs gradués-Platze besat?*

Pro Lycée gouf versicht, mindestens ee Posten duerch en Educateur gradué ze besetzen. Insgesamt goufe 7 Educateurs gradués an enger ESEB agestallt.

*Wéi vill Educateure sinn als Quereinsteiger an de Schoulen agestallt ginn?*

An de Lëtzebuerger Grondschoule goufen am Kader vum Recrutement vun de Kandidate mat engem Bachelor, deen a Relatioun mat den Objektiver vum Enseignement fondamental steet, fir d'Schouljoer 2018/2019 insgesamt 12 Educateurs gradués rekrutéiert a fir d'Schouljoer 2019/2020 goufen 29 Educateurs gradués rekrutéiert.

Claude Meisch
Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse